# Rapport de la réunion Commission jeunes du 14 octobre à 19h00 au centre sportif Boy Konen à Cessange

Présents: Engels Romain, Kruchten Guy, Magar Claude, Schmit Marco, Schmitz Marco, Spautz Richard, Urban Steve, Rasch Serge

Excusés: Wiseler Dan, Godart Suzie

1. Approbatioun vum Rapport vum 16te September

   Déi verschidden Interventiounen, dei zou den eenzelen Punkten am Rapport vun der Réunioun vum 16te September gemaach goufen, ginn esou geännert, wéi am Rapport an der Annexe (Mail) ze liesen ass. An der nächster Réunioun gët dëse Rapport der Kommissioun zur definitiver Approbatioun virgeluecht.

2. Rapport épreuves jeunes

   D'Rapporte vun de Coursen zu Wolz (70 Kanner/Steve Urban a Serge Raach präsent), Schëffleng (68 Kanner/Suzie Godart a Claude Magar präsent/ Dossard 25 bei Bambi 1 schlëmm gefall a per Ambulanz oftransportéiert) an Dippech (keng Jury do/ arrivée direkt no Kéier/ Serge Raach präsent) ginn ugehuel.

3. Sponsorat chronométrage

   De Sponsoring vun engem neie Chronométrage gouf diskutéiert. De potentielle Sponsor soll bis spéitsdens den 11ten November eng Decisioun matgedeelt kréien, nodeems dat de Präsident Lex Schroeder nach eng Kéier Detailer zum System, dee bei der FSCL am Keller läit, hannerfrot huet.

4. Réunioun mat de Veräiner

   De Claude Magar huet seng Powerpoint Präsentatioun fir dës Réunioun virgestallt, ët goufen nach e puer Detailer derbäi gesat.

   D’Kommissioun huet festgehalen, de grousse Sall um INS fir dës Réunioun ze reservéieren.

   Den Datum bleiwt nach ze fixéieren, Auerzäit fir den Ufank ass 19:00.

5. Präisiwwerreechung Trophée Jeunes

   D’Präisiwwerreechung wäert Samschdes den 18te Januar 2025 beim Miwwel- a Kichechef zu Capellen statt fannen.

   Virgesinn ass:

   - Usprooch vum Präsident von der FSCL, Camille Dahm
   - Usprooch vum Präsident von der Commission Jeunes, Lex Schroeder
   - Präisiwwerreechung duerch de Richard Spautz
   - Eierewäin offeréiert durch d’FSCL (zäitlech begrenzt)

6. Technikofzeechen Sonndes 10.11.2024

   D’Technikofzeechen gëtt am Parking Souterrain vum Miwwel- a Kichechef zu Capellen vun 10 Auer Moies un ofgehal.

   Well d’Zäit drängt, an nach keng Äntwert von den Trailhunters Miersch virläit, mecht den CC Atertdall d’Ufro un d’FSCL fir d’Technikofzeechen ze organiséieren.

   D’Firma Hermes huet dei Deeler vum Material hiergestallt, déi fir d’Technikofzeeche gebraucht ginn. Dëst Material gëtt bei der

FSCL stockéiert. De Richard an de Romain kucke sech daat un, a stellen da fest, waat nach eventuell muss vun anere Plazen ofgehuel ginn.

Den Transport vum Material soll am Prinzip mat der Camionette vun der FSCL gemat ginn. (Ass reservéiert.)

D'FSCL annoncéiert d'Organisatioun vum Technikofzeechen op d'mannst zwou Wochen am Voraus a mecht gläichzäiteg den Opruff un d'Veräiner fir Manpower den Dag selwer. (2 Personen min. pro Veräin)

Gebraucht ginn 2 Persoune fir d'Sekretariat, a je 2 Personen op jidferenger vun deenen 8 Statiounen. (Op verschiddenen Statiounen wou Palette mussen deplacéiert ginn, nach eng Person méi.)

D'Aschreiwunge mussen eng Woch am Viraus ofgeschloss sinn, dat d'Lëschte mat den ongeféieren Auerzäite kennel opgestallt an un d'Veräiner verschéckt ginn.

D'Suzie këmmert sech mat dem Florian ëm d'Ausschreiwung, de Claude M. ëm den Ziedel fir d'Resultater anzedroen.

7. <u>Divers</u>

Wat d'Kleeder ugeet, kritt d'Kommissioun neier, am Kader vum globale Konzept vun der FSCL fir 2025.

Wëll an de Vakanze vill Kanner an d'Ausland Course fuere ginn, gouf driwwer diskutéiert, op een nët während de Vakanzen op verschiddenen Deeg eng gemeinsam Organisation vu verschidde Vereine kennt ubidden.

De Lex Schroeder gouf gefrot fir Folgendes mat der FSCL ze klären:

- Réunioun Jeunes/Jury

- Printversioun “Fächer” vum Technikofzeechen, déi nët wiederbestänneg ass: Devis kontrolléieren
- Camionette fir d’Technikofzeechen (Materialtransport

**Nächst Versammlungen:**

**4.11 um 19:00 um Boy Konen (Virbereedung Technikofzeechen)**

**11.11 um 19:00 um Boy Konen (Periodesch Réunioun)**